Dépôt : Alexandra Schoos
PL 8435

1

Lëtzebuerg, den 2. Abrëll 2025

**MOTIOUN**

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- den Ofrëss vu bestoender Bausubstanz Liewens- a Wunnraum zerstéiert;
- d'Erhale vu bestoender Bausubstanz net nëmmen eng wichteg Roll spillt am Kontext vum Denkmalschutz, mee och am Kontext vum aktuelle Manktem u Wunnengen an am Interessi vun enger nohalteger Entwécklung vun eisem Land;
- et wichteg wier, d'Renovéierung vu bestoender Bausubstanz ze ënnerstëtzen, fir bezuelbare Wunnraum ze schafen;
- déi Lëtzebuerger Regierung bis elo keng spezifesch Statistiken iwwer d'Unzuel vun den ofgerappte Gebaier oder d'Alter vun dëse Gebaier erhieft an datt an der „Long-term renovation strategy for Luxembourg" aus dem Joer 2020 ausdrécklech mentionéiert gëtt, dass et keng spezifesch Donnéeën iwwer den Ofrëss vun Net-Wunngebaier gëtt (*„Data concerning the total area covered by all non-residential buildings and the relative shares accounted for by the different categories are only available in fragmentary form"*);
- de STATEC zwar Statistiken zu Ëmbaumoossnamen u Gebaier a Wunnengen duerchféiert, déi Informatiounen zu Aart, Bauweis a Fläch vun de Gebaier sammelen, mee keng spezifesch Donnéeën zur Gesamtzuel vun ofgerappte Gebaier oder zum Alter vun den ofgerappte Gebaier erfaasst;
- am Géigesaz dozou an anere Länner, wéi beispillsweis Däitschland, offiziell Statistiken iwwer d'Zuel vun ofgerappte Gebaier existéieren (sou goufen an Däitschland beispillsweis am Joer 2021 laut offizieller Statistik 14.090 Gebaier ofgerappt);

fuerdert d'Regierung op,

- statistesch Donnéeën ze erhiewen iwwert d'Unzuel vun ofgerappte Gebaier respektiv Wunnengen, wa méiglech pro Gemeng;
- souwäit wéi méiglech den Alter vun dëse Gebaier an enger Klassifizéierung duerzeleeën;
- dës statistesch Donnéeë reegelméisseg ze veräffentlechen.

Fred Keup

Alexandra Schoos